

## **Evangelium vum 6. Sonndeg am Joreskrees (Joer C)**

### **Lk 6, 17-18a.20-26**

#### **KONTEXT**

D'Evangelium vun dësem Sonndeg ass aus zwéin Deeler aus Lk 6 zesummegeesat : 1° Just virun de Vv. 17-18a huet de Jesus aus senge Jünger ( !; cf. Lk 6, 13), der 12 erausgesicht, déi haaptsächlech am Lk (+ der Apg natierlech) « Apostele » = « Ofgesandter » genannt ginn. (« Apostolos » fir déi 12 fënnt ee just a Mt 10, 2 ; Mk 3, 14 ; 6, 30 ; a Joh 13, 16 huet d'Wuert méi en allgeméng Sënn ; dem Lk ass et also wichteg drop z'insistieren, datt déi 12 - cf. déi 12 Stämm Israel am A.T.-, vum Jesus « geschéckt », also « beobtraagt » sinn.) Fir si erauszesichen, ass hien op e Bierg geklommen (Lk 6, 12 ; « vum Bierg erofgeklomm » ass hei am liturgesche V. 17 derbäigesat) an hien huet do, wéi et seng Gewunnegt ass am Lk, am Virfeld vu wichtige Momenter a sengem Liewen, gebied (cf. Lk 3, 21 ; 5, 16 ; 9, 18. 28f ; 10, 21 ; 11, 1 ; 22, 32.40ff ; 23, 34.46). 2° Héiere mer d'Vv. 20-26, en Deel aus der sougenannter « Ried um Feld » (wahrscheinlech esou genannt, well de Jesus, wéi hie vum Bierg erofkoom, op enger Gläicht stoe bliwwen ass). D'Vv. 20-23 hunn e Paralleltex an dem Mt senger Biergpriedegt (wou de Jesus, als neie Moses, extra op e Bierg eropklëmmt, beim Lk klëmmt hien jo d'éischt erof !; Mt 5, 1-12) ; an de Vv. 24-26 – déi kee Paralleltex an dem Mt hunn - ginn d'Vv. 20-23 genee ëmgedréit gekuckt (déi sougenannten « Antithesen »).

- Hei kréien d'Jünger, also net d'Allgeméngheet, en Deel vun der Gebrauchsanweisung, en Deel vun de Spillreegele fir dee Friden, deen d'Engelen op Chrëschttag verkënnegt hunn (cf. Lk 2, 14). (En Deel just, well weder an der Ried um Feld, nach an der Biergpriedegt fanne mer z. B. dat duebelt Gebot vun der Gottesan der Mënscheléift, oder, datt keen herrsche soll.)

Et geet hei ëmt « Zilgeboter », net wéi an engem Code de la route ëmt « Erfüllungsgeboter ». A fir net ënnerwee d'Fleem ze kréien, d'äerf een net den « Ist - Zoustand » verwiessele mam « Soll - Zoustand ».

#### **TEXT**

**De Jesus ass mat senge Jünger vum Bierg erofkoom ...a fir vun hire Krankheete geheelt ze ginn (Vv. 17-18a). :**

Mer sinn a Galiläa (bis a Lk 9, 50), awer hei kréie mer gesot, datt (och) Leit aus ganz Judäa a vu Jerusalem bei de Jesus koom sinn + Leit aus net-juddesche, d.h. heednesche Géigenden (Tyros a Sidon, wou den Elias scho bei eng Witfra geschéckt gi war, cf. dem Jesus seng programmatesch Ried a Lk 4, 25f.). Et sinn d'Jünger (d.h. Leit, déi op déi eng oder aner Manéier dem Jesus noginn) + eng Onmass Leit aus dem Vollek. Si all si koom fir nozelauschteren, awer och fir sech vun hire Krankheeten heelen ze loossen ; dem Jesus säi Ruf huet scho wäit Kreiser gezunn.

**De Jesus huet seng Jünger gekuckt a sot (V. 20) :** An den Evangelien gëtt ëmmer nees drop higewisen, datt de Jesus net einfach eppes seet, mee, datt hien d'Leit och

kuckt. – Déi Ried, déi elo kënnt, adresséiert sech also net einfach u jiddereen, mee un d'« Insider ».

### **« Glécklech dir Aarm, well iech gehéiert dem Herrgott säi Räich (Vv. 20) :**

« Glécklech » am biblesche Sënn (well et gëtt eng ganz Traditioun vun esou « glécklech-ass »-Sätz, cf. z. B. Is 30, 18 ; Dan 12, 12 ; Ps 32, 1f ; 84, 5f.13 ; Spr 3, 13 ; 8, 32.34 ; ...) ka sech souwuël op d'Vergaangenheet, wéi d'Géigewaart, wéi d'Zukunft bezéien, an dat « glécklech-sinn » kënnt ni einfach aus dem Mënsch, mee ëmmer vu Gott hir. Och anerwäerts wéi a Mt 5, 3ff a Lk 6, 20ff seet de Jesus Leit, si wiere « glécklech », cf. Lk 11, 28 ; 12, 37f ; 43 ; Mt 11, 6 ; 13, 16 ; Joh 13, 17 ; ...). - Am Géigesaz zum Mt bezéien dem Lk seng « glécklech »-Zousoen sech op konkret Situatiounen, hei an elo, wou dem Lk seng sozial Oder duerchkënnt. – Och ried de Jesus d'Nolauschterer direkt un (« glécklech dir »). – Fir de Jesus sinn déi Leit, vun deene mär Tendenz hunn ze soen, si wieren onglécklech, glécklech ; d.h. hie seet : elo ännert d'Situatioun sech, well dem Herrgott säi Räich huet ugefaangen ze ginn. – Esou direkt gesäit een näischt dervun, well, obschonns et eng Revolutioun ass, ass keng dier eng mat Knëppelen ; et ass Gott, deen agräift. – An anere Wieder, mat der Metapher vum Herrgott sengem Räich sti mer bis Jéngsterdag an der Spannung tëscht zwee Polen : dem Herrgott säi Räich kënnt, an ass awer och schonn do ; et ass Gott, deen op d'Mënschen duerkënnt, an de Mënsch ass awer opgeruff mat drun ze schaffen ; de Mënsch ass opgeruff matzeschaffen, an awer soll hien sech och einfach drop verloossen, datt Gott seng Zouso erfüllt ; dem Herrgott säi Räich betrëfft den eenzelne Mënsch, an awer och déi ganz Schëpfung.

### **Glécklech dir, déi dir elo Honger leit, well ... (V. 21) :**

Hei erëm déi konkret Situatioun an den « elo », déi de Lk viséiert (cf. nach Lk 1, 1, 51-53 ; 16, 19ff). Duerch d'ganz Lk erduerch huet de Jesus eng Virléift fir déi Aarm an Ausgestoussen (och an den aneren Ev., cf. z. B. Mk 10, 21 ; 12, 43// fanne mer dës Virléift, mee beim Lk ass dësen Akzent extra staark gesat, wat dem Jesus seng Gebuert an Aarmutt an de Besuch vun den Hiirden schonn ukënnegen) an dësem Vers schwéngen awer och Zousoe vun de Prophéite fir d'Zäit vum Enn mat, cf. Is 49, 10 ; Jer 31, 12.25 ; Ez 34, 29 ; ....

### **Glécklech dir, déi dir elo kräischt, well ... (V. 22) :**

Och hei, den « elo », déi konkret Situatioun. – Tëscht den Zeilen steet hei bestëmmt och den Opruff un d'Chrëschten, sech aktiv ze bedeelegen, datt déi genannte Situatiounen sech zum Gudden ännere kënnen.

### **Glécklech sidd dir, wann d'Leit iech wéinst dem Mënschejong senger ... (V. 22) :**

Hei kléngt och schonn den éischte Chrëschten hir Erfahrung un ; « **wann si iech ausschléissen** » erënnert un d'Chrëschten, déi aus de Synagogen ausgeschloss si ginn nodeems d'Pharisäer an déi aner juddesch Geléiert, déi d'Zerstéierung vu Jerusalem iwuerliewt haten, versicht hunn zu Jamnia (vu 70-132) vum Juddentum ze retten, wat ze rette war. (Eigentlech gouf d' « 18-Bitte-Gebied », dat zu den deegleche Gebieder vun engem fromme Judd gehéiert esou ergänzt, datt e

Chrëscht, deen et gebied hätt, sech selwer verflucht hätt. – Dësen Ausschloss war och schlëmm, well d'Zougehéieregkeet zu esou enger Synagog an engems eng Krankeversécherung, an an engems Relatiounen bedeit hunn.) – Et steet net do « wéinst menger », mee, « wéinst dem Mënschejong senger » : wann de Jesus zu Liefzäiten en Titel ugeholl huet, dann aller Wahrscheinlechkeet no « de Mënschejong » (deen grad esou gutt « engem Mënsch säi Jong », also « Mënsch » bedeite kann, wéi e sech op de « Mënschejong » aus Dan 7 bezéie kann, dee Jéngsterdag mat Gott zu Geriicht sëtzt.)

### **Sidd deen Dag frou, danzt vu Freed, ... (V. 23) :**

De Jesus ernimmt e puer mol d'Verfolgung, deenen d'Prophéiten ausgesat waren (cf. z. B. Lk 11, 47ff ; 13, 33f) ; zanter der Ënnerdréckung ënnert dem Seleukidekinnek Antiochus Epiphane IV (167 v. Chr.), wouriwwer mer an de Makkabäerbicher liesen, ass d'Iddi vum Märtyrerdoud vu « Gerechten » a « Prophéiten » am Juddentum méi duerchduecht ginn.

### **Ma, gare ärer, dir Räich, ... Esou hunn nämlech hir Pappen ... (Vv. 24-26) :**

An deene Vv., déi elo kommen, ginn d' « Glécklech »-Zousoen, wéi mer dat och schonn am A.T. fannen (cf. Is 3, 10f ; Jer 17, 5-8 ; Tob 13, 14 ; Koh 10, 16f) eng no der anerer ëmgedréit, schéi parallel. – Mee opgepasst : hei gött kee « verwënscht » ! Et gött och keen definitiv veruerteelt. Mee, d'Leit, « dir Räich », « dir, déi elo gesiedegt sidd », kréie gedréit ; et kléngt esouguër, wéi wann si dem Jesus an hirer Situatioun Leed doe géifen. Tëscht den Zeilen steet erëm en Opruff, eppes z'ënnerhuelen (cf. 10, 13 ; 11, 42ff ; ...) ; « gare ärer ! ... Mee, et ass nach Zäit, maacht d'Kéier » esou kéint een déi Vv. hei résuméieren.